

EMBARGO jusque MARDI 13 JANVIER 17H

Seul le discours prononcé fait foi

Pot des Présidents du 13 janvier 2015

Discours de Norbert Geisen, Président de la Fédération des Artisans

Här Chamberspräsident, Mars Di Bartolomeo,

Här Staatsminister Xavier Bettel,

Här Beschäftigungsminister Nicolas Schmit,

Här Sozialminister Romain Schneider

Madame Emwältministesch Carole Dieschbourg,

Här Infrastrukturminister François Bausch,

Madame Staatssekretärin Françoise Closener,

Dir Dammen an Hären Députéiert,

Dir Dammen an Hären Buergermeeschter, Schäffen a Gemengeréit,

Dir Dammen an Hären aus de Verwaltungen,

Léif Frënn vum Handwierk,

„Je suis Charlie“

Méi kann ech, méi wëll ech net zu dem schrecklechen Terroranschlag vu virun e puer Deeg zu Paräis soen. Do feelen d'Wierder, fir d'Gefiller vun Trauer, Matgefill, Onverständnis a Roserei auszedrécken.

Ech wéilt Iech alleguer bieden, mat mir e puer Momenter den Affer vu reliésem Fanatismus ze gedenken an der franséischer Natioun eis Solidaritéit an eist Matgefill auszedrécken.

Ech soen Iech Merci!

Wann ech elo mat de Wiederder vum Jean-Claude Juncker wéillt schwätzen, kéint ech soen: Ech stinn hei als „fräie Mann“.

Ech sinn e fräie Mann, well et den Owend déi leschte Kéier ass, wou ech als Präsident vun der Fédération des Artisans d'Eier an de Pleséier hunn, hei um Neijoersempfang vum Handwerk, dës Ried ze halen.

Am Mäerz kënt mäin Mandat op en Enn. No bal 20 Joer un der Spëtzt vun der Handwerkerfederatioun gëtt et elo Zäit fir dës Verantwortung an aner, méi jonk Hänn, ze leeën.

Als fräie Mann hunn ech natierlech och de groussen Avantage deen een oder anere Gedanken méi direkt äusseren ze kënnen, wéi dat normalerweis de Fall wier. Ech wëll dann vun dëser Geleeënheet profitéieren an déi eng oder aner Ureegung mat op de Wee ginn.

Dir Dammen an Hären,

Esou wéi mer den Owend hei zesumme stinn hunn mer alleguer eis Roll ze spillen.

Als Politiker, als Gewerkschaftler an als Arbeitgeber. Jiddereen huet säi spezielle Bléckwénkel, seng Erwaardungen, seng Contraint'en an och seng Hoffnungen.

Als eenzel Akteuren sinn mer natierlech vun der Richtigkeet vun eise Positiounen iwwerzeegt. Trotzdem ass et an engem nationale Debat wichteg, d'Positiounen vun den aneren Parteien net nëmmen ze kennen, mee och ze verstoen.

Probéieren ze verstoen firwat sie denken esou wéi se denken – firwat se soen wat se soen, a maachen wat se nun eben maachen.

Dat heescht net, dass een automatesch mat deem d'Accord ass, wat deen aneren als Analyse oder Léisung ze proposéieren huet.

Et géif awer sécherlech d'Qualitéit vum Discours wesentlech verbesseren, wann mer méi Verständnis fir déi respektiv Positioune géifen opbréngen.

Dir Dammen an Hären,

Ech perséinlech hat ni e politescht Mandat oder och mol nëmmen eng Parteikaart.

Trotzdem war ech iwwer all déi Joeren no genuch dobäi fir aus éischer Hand ze wëssen, dass d'Politik keent einfacht Geschäft ass.

Virun allem net an engem Land, dat an senger sozialer a wirtschaftlecher Entwécklung ganz laang Joeren just eng Richtung kann huet.

Et geet haut net méi duer fir d'Walen ze gewannen. Et brauch een och tëschent de Walen Ënnerstëtzung an Akzeptanz vun enger ganzer Partie vun Akteuren.

Dat ass besonnesch wouer, wann een vun der gewinnter Trajectoire muss ofwäichen fir nei a sécherlech manner bequem Weeër ze goen, wéi mer dat hei zu Lëtzebuerg gewinnt waren.

Mir verstinn als Handwierk, dass dat fir d'Regierung an fir d'Politik am Allgemengen keen einfache Wee ass. An trotzdem hu mer d'Gefill wéi wann d'Politik dëst Grondverständnis net géif gesinn a sech virun allem u geäusserten Kritiken stéisst a stéiert, déi vun eiser Säit zu eenzelnen Projeten gemaach ginn. Sécherlech kritiséieren mer oft a vill, vläicht ze oft an zevill? A sécherlech vergiessen mer vill zevill oft ze soen, wann mer fannen, dass d'Regierung an d'Politik eppes gutt mecht.

Duerfir lo nach eng Kéier ganz kloer: Mir begréissen ganz vill vun de Grondiddien an Initiativen, déi dës Regierung ergraff huet. D'Staatsfinanzen sollen rëm op zolidd Féiss gestallt ginn. Déi öffentlech Investitiounen bleiwen trotzdem op engem héijen Niveau.

Mir sinn eis bewusst, an dat soll hei ënnerstrach ginn, dass dat een extraordinären Effort ass, wann zu gläicher Zäit d'Betriebsbesteuerung an d'sozial Laaschten, sou wéi am Regierungssaccord festgehalten, net klamme sollen. Dat ass di richteg Politik, a mir wëllen d'Regierung begleeden, dass se dee Wee kann anhalen.

Ech well awer zu där Hexejuegd, déi vu Gewerkschaftssäit eben op d'Betriebsbesteuerung an op d'Tatsaach gemaach gëtt, dass d'Betriber nëmmen nach ronn een Drëttel vun der Steuerlaascht droen, awer folgend Bemierkung maachen: Eischtens steet néierens geschriwwen, dass do eng Gläichverdeelung misst bestoen, zweetens war et virun net all ze laanger Zäit genee ëmgekéiert ouni dass een eppes dobäi fonnt hätt, an drëttens sinn d'Betriber hei am Land esou zimlech di eenzeg, deenen hir Revenuen eben net duerchindexéiert an ajustéiert sinn, di eenzeg wou et keng Automatismen a keng Garantien gëtt, wat hir Revenuen ugeet.

Mir stiechen zanter 2008 mol méi, mol manner a ganz schwieregen wirtschaftlechen Dicher. Während där Zäit hunn d'Betriber hei am Land net massiv Plazen ofgebaut wéi soss enzwousch an Europa an an der Welt. Si hunn am Contraire alles gemaach fir de Betrib AN hir Salariéen duerch di schwiereg Zäiten ze bréngen, sou dass et nëmmen normal ass, dass manner Marge iwwereg ass, déi kéint besteiert ginn.

Dat ass kee Komplott géint d'schaffend Populatioun, dat ass keen obskuren Deal tëscht der Politik an de Patronen, dat ass elementar Wirtschaftslogik a soss guer näischt!

Bei der Simplification administrative schéngt mer endlech e gutt Stéck virunzecommen, de Volet vum Environnement soll demnächst nach nokommen a beim Aménagement du territoire an Aménagement communal gëtt och nach nogebessert.

Och déi gesellschaftspolitesch Akzenter begréisst mer, obwuel se net onbedingt zu eisen éischten Prioritéiten zielen. Wann d'nächst Joer di ugekënnegt Referenden sinn, wäerten mer als Handwierk besonnesch de Punkt vum Ausländerwalrecht mat grousser Opmierksamkeit verfollegen, besonnesch well mer fannen, dass déi sëllegen Chefs d'entreprise aus eisen eegene Reien, déi net Lëtzebuerger sinn, an awer hir Responsabilitéiten huelen an hir Steieren bezuelen, méi hei am Land musse kënnen matschwätzen.

Dir Dammen an Hären,

Mee och mir als Employeuren oder Arbeitgeber hunn legitime Positiounen déi mer verrieden.

Déi Positiounen verriede mer net, well se grad engem hei um Kierchbierg gutt gefallen. Mir verrieden dës Positiounen well se d'Realitäten an eise Betriber erëmspiegelen an eis Memberen se un eis erundroen.

An der Lescht hu mer leider oft d'Gefill, dass dës Realitäten an de Betriber, vun deenen laangfristeg ganz vill hei am Land ofhängt, d'Politik net esou déifgräifend interesséiert, wéi et eigentlech néideg wier. Au contraire hu mer d'Gefill, eis Propositionen géifen éischer stéieren, wéi datt se en akzeptéierten Bestanddeel vum politeschen Debat wieren, wéi sech dat eigentlech géif gehéieren.

Dese Kommunikatiounsproblem tëscht der Regierung an der Economie muss ee bedauern. Fir ee Land wat deen héchste Liewensstandard op der Welt huet, a wëll erhalen, as dës Situatioun richteraus geféierlech.

Dir Dammen an Hären,

U sech sinn sech e Chef d'entreprise an e Politiker oder eng Politikerin a ganz ville Punkten ähnlech. Et brauch een an deenen zwee Fäll vill Engagement, e laangen Otem an sécherlech och eng gewëssen Leidensfähegkeet.

Dofir missten d'Chefs d'Entreprises an d'Politiker sech eigentlech gutt verstoen. Dat maachen se och oft genuch wann se zesummen op ganz konkreten Projeten schaffen.

Wann een dann awer un déi „grouss Politik“ kënnt, da gëtt aus dem Bäcker, dem Elektriker, dem Coiffer, oder dem Entrepreneur, op eemol „D'Patronat“.

Aleng d'Anonymitéit vun dem Terme "Patronat" geet duer, fir negativ Associatiounen waakreg ze ruffen.

D'Economie ass awer näischt Anonymes. D'Economie as keen homogenen Block. D'Patronat as keng Figur mat engem Zylinder um Kapp. Patronat sinn dausenden Fraen a Männer, déi am Dingscht vun hire Betriber an hire Mataarbechter stinn.

Déi Diskussiounen ronderëm d'Rulingen verstoppen d'Tatsaach, dass 95 Prozent vun de Lëtzebuerger Betriber manner wéi 50 Leit beschäftegen. Dat sinn mëttelstännesch Betriber am Handwierk, am Handel, an der Restauratioun an am Dingschtleeschungssektor. Dat sinn liberal Beruffer. Dat sinn Baueren a Wénzer.

Dat ass deen Deel, deen seng Steiere bezillt, wann dann zum Schluss vum Joer eppes iwwreg ass.

Dat ass och deen Deel vun der Economie, deen net vun haut op muer delokaliséiert a wou de Mataarbechter derzou gehéiert an net nëmmen eng Nummer ass.

Dat ass awer och deen Deel vun der Economie iwwert deen sech hei zu Lëtzebuerg net vill Gedanken gemaach gëtt.

Dir Dammen an Hären,

Dat sinn awer déi Betriber, déi ech kennen. Dat sinn déi Leit, déi mat deenen ech all Dag als Präsident schwätzen. Dat sinn déi Leit fir déi mir als Handwierksorganisatiounen do sinn, an deene mer Rechenschaft ofzeleeën hunn. Dat sinn Fraen a Männer déi aleng a mengem Secteur 80.000 Salariéen beschäftegen.

Dës Leit soen eis riicht eraus, dass se sech vun der Politik am Stach gelooss an iwwergaange fillen. An dofir wëll ech hei den uwiesenden Politiker vun alle Parteien ganz kloer soen, dass mir interesséiert sinn un permanentem Austausch, an dass mer wëllen matschaffen fir dat Land no vir ze bréngen.

Ech wëll awer och drëm bidden, dass sech och mat eise Positiounen, Meenungen a Revendicatiounen auserneegesat gëtt, och wa mer net de Gros vum Walvolleek ausmaachen!

Dir Dammen an Hären,

Den 28. November dat lescht Joer, hunn d'Regierung an Gewerkschaften anscheinend den Sozialdialog relancéiert. Si hunn ënnert sech een Accord fonnt den sengersäits awer och d'Betribler direkt betrëfft.

Dat gëllt fir de Congé parental a fir verschidden Propositionen déi een direkten Budgetsimpakt hunn an dat gëllt fir eng ganz Partie weider Punkten.

D'Öffentlechkeet huet d'Geschicht vum grouse Renouveau vum „Dialogue Social“ net esou richtig gegleeft. Medien hunn op alle Fall éischer vum engem „Deal“ geschwat.

Dat ass och genau wat et an eise Aen war: „En Deal“.

D'Gewerkschaften hunn der Regierung gedroht si géifen op Strooss goen.

Mam Argument de Soziale Friden ze erhalen, huet d'Regierung a wesentleche Punkten och vun hirem Zukunftspak noginn, mat entspreichenden finanziellen Implikatiounen.

Den Soziale Friden – sou d'Argument - wier eist Markenzeichen vis-à-vis vun auslänneschen Investisseuren, déi mer net duerch en eventuelle Streik beonrouegen dierften.

Dir Dammen an Hären,

Ech froen Iech.

Wat ass e Sozialen Dialog wäert, deen net op gedeelte Wäerter an engem gemeinsamen Zukunftsprojet berout?

Wat ass e Soziale Fridde wäert, deen op de permanenten Drock vun de Gewerkschaften gebaut ass?

Menge mer wierklech, dat wier eng Ausgangsbasis mat der mer Investisseuren op Lëtzebuerg lackele kënnen? Wëlle mer esou den existéierende Betribler Vertrauen an d'Zukunft vermëttelen?

D'Regierung war de Gewerkschaften am leschte Joer schon immens wäit entgéint komm.

Den Accord salarial an der fonction publique gëtt respektéiert an ëmgemat. Den Indexmechanismus gëtt integral erëm agefouert. D'Reform vum Dialogue Social à l'intérieur des entreprises gëtt de Gewerkschaften, virun allem enger Gewerkschaft, op de Leif geschneidert.

Dat alles huet d'Regierung de Gewerkschaften zougestan. Zougständnisser ouni déi geringste Contrepartie.

Et hätt een sech jo kéinten virstellen, déi opgezielten Punkten zesummen mat aner Themen, déi der Regierung an oder den Employeuren vléit méi um Häerz leien, an engem groussen Pak zesummen ze verhandelen. Sozialdialog dāerf keng Einbahnstrasse sinn, soss entstinn och keng win-win-Situatiounen, déi eigentlech all Sozialdialog missten charakteriséieren!

Méi eng breed Approche hätt wahrscheinlech zu engem méi equilibréierten an drofähegen Resultat gefouert, wéi mer ët elo hunn.

Dës eenzegaarteg Chance huet d'Regierung leider verpasst.

Dir Dammen an Hären,

Dës Regierung ass ugetrueden fir Lëtzebuerg erëm fit ze maachen. D'Staatsfinanzen sollen stabiliséiert ginn. De Wuestum soll ugekuerbelt ginn, fir dass mer d'finanziell Moyën'en, déi mer brauchen, erëm erwirtschaften kënnen.

Dat ass jo och de richtege Wee, a mir als Handwierk stinn och hannert dësen Objektiv.

D'Betriber spillen an deem Kontext eng ganz wichteg Roll. Mir wëllen Verantwortung iwwerhuelen fir de Standuert. Mir wëllen Verantwortung iwwerhuelen, fir Kafkraaft hei am Land héich ze halen, well och mir Betriber brauchen Kafkraaft. Mee d'Betriber brauchen och Produktivitéit a Competitivitéit, sie brauchen Margen an Investissementer.

Mir wëllen hëllef fir op dësem Wee weider ze kommen.

Mee leider musse mer feststellen, dass mer mat villen Propositionen, fir dës Objektiv ëmzesetzen, bei der Regierung bis elo op daf Ouere gestouss sinn.

Doriwwer eraus ass et zu Mësstänn komm, déi mer méiglechst séier aus der Welt schafen mussen.

D'Finanzéierung vun der Mutualité des Employeurs, déi op engem Accord vum Sozialdialog baséiert, gëtt vun der Regierung an e Koup gehäit mam Resultat, dass d'Vertrauen vun de Betriber an d'Instrumenter vum Sozialdialog riskéiert Schued z'erleiden. Dofir wëll ech der Regierung besonnesch eent un d'Häerz leeën: Sozialdialog brauch Inhalt a Form! Sozialdialog brauch awer virun allem Vertrauen tëscht de Parteien. Dofir zerstéiert dat Vertrauen net muttwëlleg!

Am Dossier vun der Flexibilisatioun vun der Aarbechtszäit komme mer zanter dem Joer 2000 net virun. Och dat war sengerzäit een Deel vum Accord an der Tripartite: méi Flexibilitéit géint 6 Méint bezuelten Congé Parental!

Et wier Zäit e puer Akzenter a Richtung méi Produktivitéit ze setzen, fir de Modell Lëtzebuerg , deen eis jo alleguer um Häerz léit, an der Zukunft z'erhalen.

Muer hu mer am Kader vun der UEL eng weider Entrevue mat der Regierung. Propositionen, déi mir maachen, riichten sech net géint d'Gewerkschaften oder géint d'Politik an nach vill manner géint eis eegen Salariéen an géint d'Leit déi schaffen. Au contraire. Eis Propositionen sinn d'Pisten, fir dass mer eist gemeinsam Ziel vun engem liewenswäerten an zukunftsfähigen Lëtzebuerg realiséiere kënnen.

Ech hoffen vu ganzem Häerzen, dass mer muer den Owend ëm des Zäit och kënnen vun engem Accord mat der Regierung schwätzen, am anere Fall weess ech nämlech nach net, wat ech mengen Memberen proposéieren soll, fir se bei der Staang ze halen.

Ech kann hinnen mol net méi mäi Récktrëtt proposéieren, deen ass souwisou geplangt!

Erlaabt mer dofir, Här Staatsminister, nach eng Kéier un lech z'appeléieren, fir zesammen e weidert Stéck Wee am Intressi vum ganzen Land ze goen.

Dir Dammen an Hären,

Ech stinn hei wéi gesot als fräie Mann, an an där Qualitéit wëll ech och e puer Wieder zum Thema vun der Fusioun vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce soen.

Ech mengen déi zwou Chamberen ginn vun erfuerenen Leit gefouert, vu kompetenten Mataarbechter um Lafe gehal a vun enger breeder Basis gedroen.

Mat hiren Avis droen se jeweils - aus hirem Bléckwénkel vun der Economie - zur Qualitéit vum legislativen Prozess bäi.

Obschonns näischt vun esou engem Projet am Regierungsprogramm oder am Koalitiounsaccord steet, schéngt d'Regierung oder op mannst Deeler vun der Regierung op d'Fusioun vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce ze drängen.

Dir Dammen an Hären,

Mir stinn hei am Haus vum Handwierk. Dëst Gebai ass awer méi wéi just de Siège vun der Chambre des Métiers an der Fédération des Artisans.

D'Haus vum Handwierk ass och méi wéi een Gebai. Et steet fir eng Iddi. Et ass d'Philosophie vun der Fra oder dem Mann, deen sech iwwert säin Handwierk eng beruflech Existenz opbaut. Et steet fir e Secteur, deen iwwert den duale Formationssystem an d'Indépendance professionnelle en ascenceur social duerstellt, wéi et soss keen méi hei am Land gëtt.

Et steet fir d'Iddi, dass den Accès an d'Handwierk um Fundament vun enger zolitter Ausbildung a Berufserfahrung geschéie soll, esou wéi et jo och am aktuellen droit d'établissement virgesinn ass.

Dëst gëtt elo vun verschiddene Leit aus der Regierung a Fro gestallt. Als Argument héiere mer dann, dass dat modern an effizient wier.

D'Handwierk huet an den leschten 10 Joer 20.000 Aarbechtsplazen geschaf. Dat ass natierlech op déi grouss Dynamik vun dem Secteur zeréckzeféieren. E bëssen awer och well d'Handwierk iwwert d'Chamber an iwwert d'Berufsverbänn e gutt encadréierte Secteur ass.

Keen anere Secteur kann sech esou schnell adaptéieren an innovéiere wéi d'Handwierk. Ech kommen duerno nach op dës Innovatiouns- an Adaptatiounskapacités ze schwätzen.

Dir Dammen an Hären, Ech froen Iech:

Ass dat onmodern. As dat ineffizient?

Als Handwierk gesinn mer dat och als en Ugrëff op den Droit d'établissement. Mir wëssen, dass et Leit ginn deenen den angelsächsische Modell, wou jiddereen alles däerf maachen, besser gefällt wéi e Modell, wou ee muss weisen, dass een de Beruff deen ee wëll ausüben och beherrscht, an dass ee wees wéi e Betrib gefouert gëtt.

Wann et drëms geet fir d'Handwierk wéi et haut existéiert ofzeschaffen, dann soll een eis dat wannechgeliff och oppen esou soen.

Ganz éierlech gesot wunnere mer eis, dass esou eng Iddi ausgerechent vun dëser Regierung kënnt.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers sinn jo elo an engem Prozess, wou um Fong gekuckt gëtt, fir eng Léisung ze fannen déi am Intérêt vun de Betriber ass.

D'Federatioun ass net Demandeur fir déi Fusioun a wäert och nëmmen dann hir Zoustëmmung ginn, wann se erwisenermoossen am Intérêt vun den Handwierksbetriber geschitt. Wann sech fir si eppes verbessert. Dat ass fir eis déi eigentlech Miesslat, an net eng vermeintlech Modernitéit vun där mir kee ka soen wat se ass!

Dir Dammen an Hären,

Op europäeschem Niveau hunn mer eis ganz ambitiéis Ziler a Saachen Klimaschutz an Energieefficacitéit gesat. Ee vun den gréissten Problemfelder fir d'Klimapolitik ass de Logement.

Fir de Bausektor zu Lëtzebuerg heescht dat, dass ab dësem Joer just nach Wunnengen an der Energieklass B gebaut däerfen ginn. Ab 2017 gëllt dann de Passivhausstandard, an ab 2020 dat esougenannten Nullenergiehaus.

Fir öffentlech Gebaier soll ee Renovatiouns- an Assainissementsplang duerfir suergen, dass den Energieverbrauch sech a verrietbaren Grenzen hält. Beim existentem Wunnpark bleift nach quasi alles ze maan.

Fir d'Bauhandwierk bedeuten dës Evolutiounen eng grouss Chance awer gläichzäiteg eng enorm Erausfuerderung.

Haut sinn zu Lëtzebuerg ronn 900 Betriber mat 20.000 Mataarbechter am Secteur vum Energieeffiziente Bauen aktiv.

Déi nei Energierichtlinnen hunn d'Potenzial fir iwwert déi nächst 5 Joer 8.000 zousätzlech Aarbechtsplazen ze schafen. Wann mer wëssen, dass bis dohinner 7.000 Salariéen an d'Pensioun ginn, brauch d'Bauhandwierk an de nächste Joer 15.000 qualifizéiert Mataarbechter.

Dës Zuelen sinn impressionant. Dat ëmsou méi wéi de Fachkräftemangel an d'Problemer an der Formation professionnelle zu den gréissten Herausfuerderungen am Handwierk zielen.

Wéi sou oft, weess sech d'Handwierk och hei selwer ze hëllef an innovativ Weeër fir sech op déi Erausforderungen anzustellen. Ech hat jo ugedeit, ech géif nach op d'Innovatioun an d'Upassungsfähigkeit vum Secteur ze schwätzen kommen. Abee, ech hunn den Owend de Pleséier lech alleguer, gewässermeossen als Avant-Première, sou eng Innovatioun virzestellen.

Zesummen mat hire Partner, der Chambre des Métiers, der Agence Myenergy an dem IFSB, huet d'Fédération des Artisans an hir Beruffsverbänn mat dem Projet Luxbuild, de Grondsteen fir eng eemoleg Weiterbildungsoffensiv am Bauhandwierk geluecht.

Am leschte Joer hun d'Verbänn aus dem Equipement technique an dem Ausbau gemeinsam mat eise Partner e Qualifikationsreferentiell ausgeschafft. Fir all Beruff gouf gekuckt, wat fir d'Kompetenzen a Qualifikatiounen am Hibleck op dat energetesch Bauen an doriwwer eraus an de Betriber gebraucht ginn.

An dese Prozess waren d'Memberen vun de Verbänn aktiv agebonnen an hunn vill Aarbecht am Dingscht vun hire Beruffer gelescht.

Dofir wëll ech hinnen, ob dese Plaz félicitéieren a Merci soen.

Dës Qualifikationsreferentiellen sinn d'Basis fir konkret Formatiounen, déi mer an der Weiterbildung organiséiere wäerten.

Och an dem Beräich wäerte mer komplett nei Weeër goen.

D'Verbänn vum Bauhandwierk hun hiren Accord de Principe ginn, fir am Equipement technique an am Parachèvement, zwee Centres de Compétences an d'Liewen ze ruffen. Weider Kompetenzzentren fir aner Secteuren sinn ugeduecht.

Dës Centres de Compétences sollen nom Modell vum IFSB funktionéieren, an deem d'Entrepreneuren an de leschten 10 Joer 20.000 Mataarbechter qualifizéiert hunn.

Qualifizierung vun de Mataarbechter ass d'Viraussetzung fir e gesonden an produktiven Betrib.

Fir dese Aufgab ze packen wäert sech de ganzen Secteur mobiliséieren.

Dat gëllt och fir de Finanzement. Sou wäerten sech déi zwee Kompetenzzentren iwwert eng Cotisatioun, déi vun de Betriber bezuelt gëtt, finanzéieren. Fir dese Beitrag kann de Betrib dann an Zukunft seng Mataarbechter forméiere loossen.

Fir sécher ze stellen, dass all Betrib zu dësem Effort bäidréit, brauche mer en Accord interprofessionnel fir an engem zweete Schrëtt d'obligation générale duerchzesetzen.

D'Entrepreneuren hunn hiren Weiterbildungsinstitut am Kollektivvertrag verankert. Déi entspriechend Accords interprofessionnels fir dës nei Initiativen ginn berufswirksam ausgedeelet an engagéieren insgesamt 14 Federatiounen an den entspriechenden Aktivitéiten am Beräich Ausbau an technesch Gebäudeausrüstung. Dovun wäerten ronn 2.000 Betriber mat 25.000 Beschäftegten betraff sinn! Zielt een d'Entrepreneuren derzou, sinn à terme méi wéi 40.000 Beschäftegt aus 3.300 Baubetriber an engem strukturéierten a kohärenten beruflechen Weiterbildungssystem encadréiert.

Dei entspriechend Accords Interprofessionnels sinn gewässermoossen d'Grundvoraussetzung fir dës eenzegarteg Initiativ op sécher Been ze stellen. Fir eis Ziler ze erreechen, brauche mer Äer Hëllef. Mir brauchen den Accord vun eise Sozialpartner an och déi néideg politesch Ënnerstëtzung.

Eischt Gespréicher, notamment mam Aarbechtsminister Nicolas Schmit, sinn an deem Sënn ganz positiv verlaf.

Och déi 2 national representativ Gewerkschaften hunn de Prinzip vun esou engem Weiterbildungskonzept begréisst. Hei wäerten mer an den nächste Wochen d'Gespréicher féieren, fir en Accord ze ficelléieren deen eis et erlaabt, d'Employabilitéit – ee schrecklecht Wuert – vun eise Mataarbechter z'erhalen an ze verbesseren an d'Produktiviteit vun de Betriber z'erhéijen.

An eisen An ass dat Sozialdialog aus dem Léierbuch, jiddereen huet eppes dervun, an zesumme komme mer virun!

An de nächste Woche a Méint wäerte mer dës Aarbechten finaliséieren a mir hoffen, dass mer bis d'Mëtt dëst Joer en Accord ënnerschreiwen kënnen an domat déi Qualifizierungsoffensiv, déi d'Handwierk dringend brauch, un d'Rullen ze kréien.

Dir Dammen an Hären,

Et ginn nach vill Themen, iwwert déi mer missten schwätzen. Vill Problemer, déi mer an der Lescht haten, sinn entstan, well mer net genuch a virun allem net fréi genuch op deene verschiddenen Niveauen mateneen geschwat hunn.

Lëtzebuerg as e klengt Land, dat mat der selweschter politescher, reglementarescher a finanzieller Komplexitéit muss eens ginn, wéi eis grouss Noperen.

Dofir mäin Appel un d'Politik. Gesitt d'Betribler an och hir Beruffsvertrieder als Äre Partner.

Mir deelen dat grousst Objektiv fir e wirtschaftlecht gesond, sozial gerecht a liebenswert Lëtzebuerg ze erhalen.

D'Chamber an Beruffsverbänn kënnen fir d'Politik zur Ressource ginn. Eng Ressource un Know-How, un Praxiswëssen an un Ënnerstëtzung. Andeems Beruffsverbänn an d'Projeten, fréizäiteg agebonnen ginn, spuert Regierung d'Zäit, Geld a kënn zu praxisnoen an akzeptéierten Resultater.

Dat as eng Offer déi d'Handwierk lech gemaach huet. Dat ass eng Offer déi mer hei an haut widerhuelen. Mir reechen der Politik d'Hand fir eng éierlech a gesond Zesummenaarbecht!

Muer gesinn sech d'Regierung an d'Employeuren am Kader vun der UEL zu enger weiderer Verhandlungsrönn fir d'Vergaangenheet hannert eis ze loossen an de Grondsteen fir en zukünftigen Partenariat ze leeën.

Ech mengen, dass ech och am Numm vu mengen Kollegen schwätzen kann, wann ech soen, dass mer den Dialog an och eng gutt Entente tëscht der Politik an der Economie brauchen, wann mer wëllen, dass sech Lëtzebuerg weiderhin positiv entwéckele kann.

Mir wëssen, dass mer op der Welt manner Frënn hunn, wéi mer vléit geduecht hunn. Mir wëssen, dass mer hei zu Lëtzebuerg am héije Mooss ofhängeg sinn, vun deem wat ronderëm eis geschitt.

Mir wëssen awer och, dass mer a wesentlechen Dossieren nach selwer d'Heft an der Hand halen.

Dofir hoffen ech, dass mer muer de Spillraum notze kënnen, fir am Intérêt vun der Beschäftegung a vun der Gesondheet vun de Betribler, gemeinsam Léisungen ze fannen.

Dat gesot, soen ech lech am Numm vun der Chamber des Métiers, vertraueden durch hire Präsident, de Roland Kuhn, an am Numm vun der Fédération des Artisans, villmols Merci fir Äer Opmierksamkeet. Zesummen wënsche mir lech an Äeren Famillen e gesond, glécklecht an erfollegräicht neit Joer.

Perséinlech wëll ech all deene Leit Merci soen, mat deenen ech an den vergaangen 20 Joer konnt konstruktiv am Intérêt vum Handwierk a senge Betribler zesummenschaffen. Ech wäert och als „fräie Mann“ dem Handwierk an der Fédération des Artisans verbonne bleiwen.

Domat ass och de Buffet, deen wéi all Joers vun eise Liewensmëttelverbänn présentéiert gëtt, op.

Erlaabt mer nach en allerleschte Punkt.

Wéi all Joer hutt Dir och dëst Joer keng Krëschtkaart vun der Chambre des Métiers an der Fédération des Artisans kritt.

Dat ass net, well mer net un Iech denken, mee well mer mat de Souen, déi mer esou spueren, eng karitativ Organisatioun ennerstëtzen.

Dëst Joer ennerstëtze mer de Projet „Meederchershaus“ vun der Organisatioun Femmes en Détresse. D'Meederchershaus ass eng Ulafstell fir Meedercher a jonk Fraen tëscht 12 an 21 Joer, déi Affer vun familjärem Gewalt gi sinn.

Nieft der Direkthëllef encadréiert d'Organisatioun och déi betreffen Famillen an hëlleft esou d'Situatioun erëm ze normaliséieren, wann dat méiglech ass.

Ech géif dann gären d'Chargé de Direction, d'Madame Danielle Collé, no vir ruffen, fir de symbolesche Scheck iwwer 5.000 Euro entgéint ze huelen.

Ech soen Iech Merci.

Contact:

Fédération des Artisans

Christian Reuter

Tel: 424511-28

Email: c.reuter@fda.lu